# FILMSTAR

## Witzecht Steckelchen an 2 Akten

arrange'ert vun R.K.

Perso'nen:

Madame Stoffel, eng Baurefrâ
Mareikätt, hir Môd (16 -17 Joer)
Madame Birebâm, Baurefrâ, Cousine vun der Mme Stoffel
Jadderliss, eng Hause'eresch
Jeanny
Finny — drei ~~Jong~~Médercher
Maisy

# 1.Akt

## 1.S c é n

Mme Stoffel, Mareikätt

Mme Stoffel : (mécht eng Fauscht) Ech soen dir et,du liddereg Canaljen,huel dech zesummen;an der leschter Zeit ass iwerhapt ké Verloss me' op dech,ne'ere me' eng ordentlech Arbecht

Mareikätt : (verwonnert) Ma Méschtech,bei Iech ass et aneschter,Dir huet iech an der leschter Zeit älle geännert.

Mme Stoffel : Ma du frecht Döppen,dat séss du mir,dat get jo bont!

Mareikätt : T'ass jo wo'er.Zanter dass dir wöllt Filmstar gin,ass neischt me'mat iech unzefänken.

Mme Stoffel : Also,du Zara do,nach é Wuert,da fueren t'Fatzen dir öm d'Oeren eröm,wat erlabs du dir?

Mareikätt : (sprengt op d'Seit a lacht) Beino,fir én ze hänken muss én én och hun,awer am Ierscht,datselwecht hun ér Nopeschen och scho gesot.

Mme Stoffel : Wat sôten se,hu se gesôt?

Mareikätt : Ma dir wärt bal iwergeschnappt,zanter dass dir wöllt Filmstar gin.

Mme Stoffel : Neid a Gascht;weider neischt,loss se nömmen schwätzen - awer wat werden de' Ae machen,wan de gro'sse Film ferdeg ass an et stét an der Zeidomg a gro'ss Bustawen: Haptactrice:Mme Stoffel vun Tirpen.

Mareikätt : Dat hun ech dénen aneren och gesôt.

Mme Stoffel : (fro') Hues du dat gesot,du bass awer nach e gudd Kand!

Mareikätt : Gesitt der dat ewell an,an loéneschter huet der iwer mech gejaut.

Mme Stoffel : Du solls och net ömmer so' frech mat dénger Méschtech sin.Abbé bong,ech wéss jo,dass du eleng mech verstéss mat menger Iddi vun dem gro'sse Film.

Mareikätt : Ah jo.(fir sech) Du Efalt,wans de nömme we!sst,we' mir de Géck machen mat denger Dommhét an dénger verréckter Iddi.

Mme Stoffel : Wat sos du,hues du gesot?

Mareikätt : Neischt,neischt,wat werden de' aner Ae machen!

Mme Stoffel : (fro') O jo,secher,gewéss!

## 2.S c é n

Mme Stoffel,Mme Birebâm,Mareikätt

Mme Birebâm : Gudde Moien,Cousine (get hir d'Hand)

Mme Stoffel : Ah,Moien Gre't,a wo' köns du dan hir? (zur Môd) Gé du schaffen.

Mme Birebâm : Ma ech hätt e klénge Begier

Mme Stoffel : An dat wier?

Mme Birebâm :Ma könns de mer net fir e puer Me'nt 15-20.000 fr.le'nen, ech brengen dir se pönktlech mat den Zönsen eröm zereck!

Mme Stoffel : An dat nenns du e klénge Begier:15-2o.ooofr.Mam beschte Wöllen kann ech dir net höllefen.

Mareikätt: (stét an der Dir) A firwat da net,hölleft èrer Cousine, wo' der könnt!

Stoffel : Mé so emol,du frech Popp,kömmer dech öm deng Sachen (zur Cousine) ech ka wirklech net,ech si momentan schlecht bei Caisse.

Mareikätt: Schlecht bei Caisse!Elo huet se virgeschter zwé decker Schwein an eng fett Ko' verkâf,a geschter nach 12.000fr Pachten erakritt, schlecht bei Caisse!

Stoffel : Elo get et awer Zeit,dass du un deng Arbecht könns,du Zara.....(Mareikätt fort) Né,Cousine,et dét mer wirklech léd,awer mam beschte Wöll,ech kann dir net höllefen,kuck emol anerwärts', dajé äddi bis eng aner Ke'er,ech muss emol kucken wat dat Framönsch schafft.Sche' Gre'ss und t'Liss an t'Kätt.

3.S c é n

Mme Birebâm,Mareikätt,durno t'Jadderliss

Birebâm : Eso' en âle Geiersâck,dé kritt nie genug.

Mareikätt: Do huet dir recht,dât ass eng vun déer Zort,dénen alles égal ass,wan nömmen de Sueko'p ömmer me' déck gött.Ower beileiwe ké Sue eraus,dat huet en net me'.Dach momentan ass neischt me' mat hir unzefänken,zanter dat si de' verréckt Ide'en huet!

Birebâm : Wat fir Idien?

Mareikätt: Ah,wösst dir dat nach net,ma dat muss ech iech emol verzielen,stellt iech mol vir,si wöllt Filmstar gin.(Während si dat sét,könnt t'Jadderliss,eng Hause'eresch eran,mat enger Köscht um Bokkel,e schwarzt Duch leit driwer.)

Jadderlis: (Schlét Duch zereck)Moien,braucht dir eppes?

Birebâm : Nén,dé Ke'er net (zum Mareikätt)ech kömmen derno eröm,dat erziels du mir.(fort)

Stoffel : (könt eröm.Zum Mareikätt)Wo' bass du Lidderjennes,wölls du haut nach eppes schaffen oder net? (Mareikätt fort)

4.S c é n

Jadderlis: Elo kann ech hoffentlech eppes bei iech verdengen?

Stoffel : Nén,ech brauch neischt.

Jadderlis: Boxeknäpp,Manchetten,Hiemer- a Colisknäpp.

Stoffel : Neischt,neischt.

Jadderlis: Fraleitskämm,Méckefänkerten,Punaisen,Toiletteséf,Bro't-messer,Gilette,Bartséf,schwarze,weissen a bloen Zwir, Stöppelkotteng vun alle Farwen,sche' nuesschnapperchen, oder eng Flésch Eau de Cologne.

Stoffel : Gitt mer aus dem Haus mat èrem Krom,mir brauche neischt.

Jadderlis: Vleicht Fiederspötzen,Bleistöfter,Bischte,Kämm,Nolen vun alle Gre'ssten,Lastik....

Stoffel : Halt nömmen op,ech gi jo géckeg,macht iech nömmen ewech mat èrem Buttek,ech brauch neischt (wöllt fort)

Jaderliss: Bleiwt hei,ech hu nach Löppestöfter..

Stoffel : Neischt me',losst mech a Ro' (gét fort)

## 5.S c é n

Jadderliss,Jeanny a Finny,duerno Mme Stoffel

Jadderlis: (wöscht sech de Schwéss of)O Mamm,wat huet én et awer hautzu dags schwe'er,wat schlecht Zeiten (setzt sech op t'Bänk) E Misär,dass én eso' muss goen.- A wé könnt dan elo: Zwo' flott Jöffercher, a wat schén Uniformen hun dé.

(Zwé L.J.Médercher an hirer Uniform,e Rucksack opgeschnallt sangen: Et Schwieft e Lidd durch t'Land...)

Jeanny : Halte,garde à vous,repos (si bleiwe stoen)

Finny : Wat ass dann elo?

Jeanny : Ma ech hun de ge'en Honger,an elei ass en décke Baurenhaff, do kre'e mir dach secher eppes z'iessen.

Finny : Dat wär net schlecht,loss mer emol probe'eren.

Jadderlis: Meng le'w Kanner,ech mengen do kémt der un de' falsch Adress de' Baurefrâ ass e Schleckjang an e Geiersâck we' en am Buch stét.

Jeanny : O wât,losse mer emol probe'eren,me' we' erausgeheien kann se net.(si wöllen an t'Haus goen,do könnt Mme Stoffel eraus)

Stoffel : A wât der Jomer wöllt dir dann hei?

Jeanny : Mir sin op enger Tour a mir hun eise Proviant ganz opgeziert,a well mir eso' hongreg sin,wollte mir froen,op mir net könnten eng Schmier kre'en.

Stoffel : So' e lidderege Buttek.Kuckt dass dir ewech kommt,duerfir wären d'Baueren och nach gutt (gét fort a klackt d'Dir zo')

Jeanny : Dat do ass ower starken Tubak.

Finny : Eso' eppes liewt net me',sot d'Frâdu wor hir Katz kapott. (Mareikätt könt hannert dem Haus eraus geschlach)

## 6.S c é n

Jadderliss,Jeanny,Finny,Mareikätt,durno Maisy

Mareikätt: (lacht) neischt kritt,dat hätt ech iech könne soen,un dèr hirer Dir braucht ké Mönsch fir eppes unzeklappen,de'sötzt fest op hire Mo'cken.

Jeanny : Du hues recht,mei Kand,e richtege Geiersâck.

Mareikätt: Si esst sech selwer emol net sât.

Finny : Hei,do hanne könt eis Joffer Le'erin.

Jadderlis: Le'erin?

Finny : Jo,dohém nenne mir hat eso',et huet ömmer so' eng e'scht Kuck ewe' eng Le'erin,a schwätzt och ömmer ganz ésch t.

Jeanny : A mat sengem Bröll mengt jiddverén et wär eng Le'erin.

Jadderlis: An et ass nömmen èr Komerodin?

Finny : Jo.

Maisy : (könt eran mat engem éschte Gesicht) Bonjour

Jeanny + Finny: Bonjour Joffer.

Maisy : An dir sitt och hei,ech hât elo net un iech geduecht.

Jeanny : Mir hâten elo bei döser Baurefrâ gefrôt fir eng Schmir ze kre'en.

Maisy : An et ass neischt gin,oder kritt der se ere'scht?

Jeanny : Neischt ze wöllen,a mir sin eso' hongreg.

Finny : A grob wor se,si huet ons d'Dir op der Nues zo'geschloen.

Jadderlis: Mir gung et grad eso',guer neischt kuff se mer of.

Mareikätt: Eng Geldschlang ass se,mat blann Gromperen a Stärzelen wöllt si eis satt machen.Elo an der leschter Zeit go'w et nach me' bond,et ass ké vernönftegt Wuert me' mat hir ze schwätzen,zanter si de' verréckt Iddi huet Filmstar wöllen ze gin.

Allen drei:Filmstar ha,ha,ha...

Maisy : Erziel ons dat emol,meng Môd (klappt him op d'Schölleren)

Finny : Ech si gespant we' en âle Prabli.

Mareikätt: Lauschtert: Fir un enger Zeit wor meng Méschtesch,d'Mme Stoffel....

Maisy : E flotte Numm; fur virun.

Mreikätt : Si wor an t'Stad.Si hat schons vill vun den Cinemaen an de Kinoen gehe'ert,ower si hat nach ké Film gesin.An do gung si e Film kucken.Ewe' si dat gesin huet,do wor ons gutt Mme Stoffel einfach vu sech.Si huet mech nach me' we' émol mat an d'Stâdt geholl,si huet mech och mat an den Cinema geholl;ower fir Geld ze spueren,so'tze mir ömmer op déne böllegste Platzen.

Jeanny : Dat gleicht der Mme Stoffel.

Mareikätt: We' si nun he'eren huet,dass de' Biller,de' Filmen,vun Akteuren an Aktricen giffe gespillt gin,do huet si de' fix Iddi kritt,och émol an engem Film matzespillen,si gesich sech och gär an eso' engem Film,an zanterhier huet si ömmer de' Gedanken.

Finny : Wat eng iwerspânt,éfälleg domm Frâ. (lacht)

Jadderlis: Ass dèr Frâ dann hei uewen eng Schreiche lass gângen?

Mareikätt: (lacht)Et schingt es bâl eso'.Wa mir aus der Stâd eröm kommen,gèt ömmer rieds vun dém Plang;mech zitt si an hirt Vertrauen,de' aner Leid hâlen se fir verreckt.

Jeanny : Ganz richteg!

Maisy : Huet si sech da schons duröm bemèt?

Mareikätt: Secher,si huet ewell un e puer Cinemae geschriwen,si ge'f et ömsoss machen an nach Drenkgeld derbei gin,a soss ke'ert se all Su sex mol an der Täsch eröm ir si en ewech get.

Jeanny : Dèr rabbelt et ganz secher an der Schirbel.

Maisy : Huet da schon én Cinema geäntwert?

Mareikätt: Blech,awer si rechent domat.

Maisy : (bedenkt sech e bösschen)Kanner,ech hun eng Iddi.

Jadderlis: Eng Iddi!

Finny : So et,wât göt et?

Maisy : Mir machen elo gleich e Film

Jeanny : Bass de nach weis?

Maisy : Oder du,wart emol,elo gét gleich hei e Film gedrét.

Finny : Jo awer we'?

Maisy : Ma wart dach;dir sollt nach all op èr Rechnong kommen,awer de' geiereg kuschteg Madame dobannen,de' kure'ere mer grönd lech (zum Mareikätt) Höllefs du eis?

Mareikätt: Ei gewöss,awer we'?

Maisy : Ge' sich gleich é klengen Dösch,en âle Kuref an eng Kaffismillen;göf awer gutt uecht,dass t'Méschtesch neischt geseit!

Mareikätt: Kéng Angscht! (fort)

Jeanny : We' mechs du dann dat elo?

Maisy : Loss mech gewerden (zum Jadderliss)Kommt,Giedel,lént mer èr Hause'erköscht,ech brauch de' gleich.

Jadderlis: Meng Köscht,a wuerfir?

Maisy : Fir de Film opzehuelen.

Finny : Du bass jo géckeg!

Maisy : Wart emol.(D'Mareikätt huet d'Sachen bruecht.Maisy zum Jadderlis)Eso',nu schött èr Sachen all an de Kuerf.(Hat hölt de' eidel Köscht,setzt se op den Dösch,lét d'Kaffismillen dran,dass d'Kirb zo' enger Seit eraus stét,a lét der Hause'eresch hirt schwarz Duch driwer;T'Kirb muss frei bleiwen)eso',nu kuckt,dass der se'er alleguer ewech kommt;halt iech awer parat,ech sin elo Filmoperatrice a wan et Zeit ass,gött dir geruff.

Jeanny : Joffer,macht èr Sach gutt.(Jeanny,Finny,Jadderliss of)

Maisy : So' mei Kand,nu ge' fuff déng Méschtesch (Mareikätt of)

Mareikätt: A la bonheur,dat göt Fréd (hannert der Bühn) Mme Stoffel, Mme Stoffel,t'ass eng Joffer vum Cinéma hei.

Maisy : (lacht) Wart dir,meng le'f Mme Stoffel,du géss en dichtigen Filmstar; lauschter,do kommen se.

7.S c é n

Maisy,Mme Stoffel,Mareikätt

Mme Stoff: (mecht eng Verneigong a sét fro')Ah,da sit dir d'Joffer vum Cinema?

Maisy : (mecht och eng Verneigong)Ech huele Filmen op.

Stoffel : Dat ass schén,dass dir ko'm sitt,wo'get de Film da gedre't?

Maisy : Ech mengen hei virun èrem Haus.

Stoffel : Schén,excellent,a wât huet dir dan do?(weist op d'Köscht)

Maisy : Dat ass den Apparat,mat dém mir d'Biller ophuelen.

Stoffel : So'!Dé muss ech awer emol gesin!(wöllt d'Duch ophiewen)

Maisy : (hält se se'er zereck)Om Gotteswöllen net,nömmen e klé̀ngen Zoch an t'ganz Maschinerie ass zum Deiwel,an dir misst mer de Schued ersetzen,dat ge'f iech eng etlech dausend Fränggelcher kaschten!

Stoffel : (gét zreck) excuse'ert,dat wo'sst ech net.

Mareikätt: (lacht,därf et awer net weisen) O Mamm,oMamm,ech lachen mech nach kapott!

Stoffel : Wat hues du,Mareikätt?Ech hu meng gälleg Fréd,wat wärten èr Noperen·Ae mân,wan de Film emol ferdeg ass,dat göt Spass!

Stoffel : De' Schubsäck,gring a giel werten se gi vu Gascht.

Maisy : Wât spillt dir gär? Wäschfrâ,Le'erin,Geme'sfrâ oder Hause!-eresch?

Stoffel :Né,neischt eso',eppes ganz apartes,vornehmes a nobeles, eso' eng Gräfin oder eng Prinzessin,we' an engem Märchen, an ech wir gären t'Hâptachrice.

Maisy : Selbstverständlech,alles we' dir et gèr hätt.Da spille mir e Märchestèck an dir stt de' reich a gutt Prinzessin.

Stoffel : Jo,dat gét,awer wât fir e Num hun ech als Prinzessin a wât fir en Titel kritt dé ganzen Film?

Maisy : De Num vun enger gudder Fé: prinzessin Edelstén..

Stoffel : Bravo,eng fein Iddi.

Maisy : An de Film kritt de Num:t'Prinzessin Edelstén vum Stoffelschlass.

Stoffel : Dat get einfach gro'ssarteg,kolossal;ech sin iech dankbar. Mareikätt,ge' huel der Joffer eng se'ss Dröpp (lues zum Mareikätt)eng aus der Flesch,dén ech verdönnt hun.

Maisy : Merci,ech drenken neischt.

Stoffel : Desto besser,da könne mer jo gleich ufänken;wât muss ech dann alles machen?

Maisy : Donkt elo uecht: ech stelle mer de Film eso' vir: am 1.Akt sötzt dir elei virun èrem Schlass uewen um Tro'n.

Stoffel : Viru mengem Schlass?

Maisy : Majo,èrt Haus elei,dat ass èrt Schlass,èr Burg,t'Stoffelburg.

Stoffel : Bong,dat ass sche'n,awer mein Tro'n?

Maisy : Keng Angscht,mir machen én.Also dir setzt ganz würdeg a majestätesch um Tro'n.Dir weisst,dass dir eng reich, wonnerbar Prinzessin sitt,de' alle Leit hälleft.Am 2.Akt sitt dir eleng an engem gro'ssen deischtre Bösch an do gitt dir vu Reiber iwerfall.

Stoffel : Kermateng,vu Reiber iwerfall,dat get gro'ssarteg!

Maisy : Jo losst mech gewèrden,dir wert elo gleich richteg önnert t'Reiber fâlen.

Stoffel : Virun,we' gét et dann?

Maisy : An der gre'sster No't kommen dann all èr dankbar Leit, fir de' dir eso' eng gutt Märcheprinzessin wort,a befreien iech aus der Hand vun de Reiber.Op de' Art a Weis göt de Film gedre't.

Stoffel : Wonnerbar,do sin se all paff,wan se dat gesin!

Maisy : Huet dir genuch Leit hei,de' könne mathöllefen am Film?

Stoffel : Né,si sin all fort schaffen,ech duecht dir bréngt de'mat.

Maisy : Dat ass domm;ah,dohannen sin der e puer,de' könnten ons höllefen.Hé,hé,kommt emol heihin.

Stoffel : Dat si jo de' Frleit,de' hésche kummen an t'Hause'eresch!

Maisy : Egal wien et ass,de' mussen elo höllefen.(de' drei kommen)

8.S c é n

Jeanny : Wat ass dann hei lass?

Maisy : Ech soll hei e gro'sse Film ophuelen: Prinzessin Edelstén vum Stoffelschlass,an ech brauch nach e puer Actricen.

Jadderlis: Mir sollen höllefen filmen?

Finny : Gutt,awer ech versti neischt vun der ganzer Filmerei.

Maisy : Ech brengen iech alles bei wat der braucht.

Stoffel : Wan dir èr Sach gutt macht,kritt och jidderén 5 fr.Drenkgeld

Finny : 5 fr,wirklech e fürstleche Lo'n!

Jeanny : Ruine'ert dat iech da net?

Stoffel : Ganz egal,ech lossen mech net huelen,et soll mir net drop ukommen (zum Maisy)Wo' kre'en mer dann t'Kostümer hir, apart t'Prinzessinegezei?

Maisy : Ganz einfach.Mir sichen emol am Haus,da fannen mir secher nach eppes brauchbares.

Stoffel : Ech wisst net wât?

Mareikätt: Dach,um Speicher leit eng Mondalin (oder en anert Instrument),an nach vill al Kléder vun èrer Gro'ssmamm.

Maisy : Breng dat gleich,mei Kand (zum Jadderliss,Jeanny a Finny) Dé Costumen dongt dir un,an da sit dir t'Gesellschaftsdammen vun der Prinzessin.(zur Mme Stoffel) ère Prinzessinnenmantel ass éng âl Pärdsdecken.

Stoffel : Prinzessin Edelstén vum Stoffelschlass,mat enger âler Pärdsdecken.

Maisy : Riegt iech net op,dat get alles a menger Fabrik geännert.

Mareikätt: Wât machen ech?

Maisy : Du bass t'Kummermédchen,t'femme de chambre vun der Prinzessin.Eso' a nu virun,mir mussen alles prepare'eren an a kurzer Zeit hu mir e neie Film.

All zes. : Prinzessin Edelstén vum Stoffelschlass.

R I D E A U

## II. A K T.

Dé gleichen Décor we' am I.Akt.Op der Seit de Filmapparat (Hause'erköscht) op engem kléngen Dösch; op de'er aner Seit der Prinzessin hiren Tro'n: e klengen Dösch mat engem Be'erfass (oder ähnlech) eng Decken drop,et soll komesch wirken,e Stull oder eng Träppchen fir op den Tro'n ze klammen.

### I.S c é n

Maisy : Alles ass an der Rei (reiwt sech d'Hänn) elo gét de Film gleich lass,de' domm geizeg Baurefrâ kritt elo mol hémgelicht,nén,t'Prinzessin Edelstén vum Stoffelschlass kritt eppes virgemolt.So' an elo kan et lassgon (rifft an d'Haus) Wan ech gelifft,dir Herrschaften. Virte'scht t'feierlech Entrée vun der Prinzessin.Vir t'escht t'Prinzessin,t'femme de chambre drét t'Schléf,dann t'Gesellschaftsdammen (stellt sech dohinner vir ze dre'nen) avant

<u>Entrée</u>: Mme Stoffel an âlen,helle Kléder,gro'ss Pèrelketten,Kranz um Kapp etc. Pärdsdeckenoder ähnleches als Mantel mat Schléf; Mareikätt drét t'Schléf,alle guer almo'desch ugedoén.Mareikätt huet als Parreck e Putsch Hé.T'Entrée ass ganz lues a feierlech;Maisy dre't un der Kaffismillen;Mme Stoffel klömmt op den Tro'n de' aner gruppe'eren sech em se a machen Verneigongen.

Stoffel : Eso',elo hätte mer t'Entrée erlanscht (zum Maisy)mécht d'Sach sech?

Maisy : Ausgezéchent,gro'ssarteg,den Ufank vum Film einfach kolossal.

Stoffel : We' dir loe'neschter gesôt,gin ons Kostümer jo ömgeännert?

Maisy : Natirlech,dir kritt an Platz vun der Pärdsdecken e sche'nen göllenen Prinzessinemantel,alles blénkt vu Gold a Sölver un iech,an de' schwe'er gro'ss Geieköschten un ère Fe'ss, get de' sche'nste lacke Schingelcher.

Stoffel : Eso' gét et richteg.

Maisy : Eso' gin och de' aner;besonnesch de' âl Hause'eresch hei mat hire Ronzelen am Gesicht,get de' flottst Gesellschaftsdamm de' derbei ass.

Stoffel : T'ass gutt eso'.Awer firwât huet meng femme de chambre dat Hé em de Kapp hänken?

Maisy : Eng Krauselpéreck.

Stoffel : Ah so!

Jadderl : (zum Jeanny dat do stét sech am Réck ze kratzen) Hé do,sin dât all er Mane'ren als Gesellschaftsdamm,et mengt én,dir hätt Fle' !

Jeanny : Pardon,Madame,t'Stangen vun der âler Jupp elei drécke mir an de Reck,ech halen et bâl net me' aus,de Schwéss gét mer schons aus.

Maisy : Silence,elo get onse Film weidergedre't (kuckt op d'Seit) Awer wien der Jômer könt dann elo?

2. Scén

Birebâm : (ass paff,kuckt ronderöm a schlét d'Hänn iwerm Kapp zesummen) O du mei Léwecher,ma Cousine,bass du da ganz verréckt, wât ass nömmen hei lass?

Stoffel : (mecht en theatralesche Gest) aus mengen Aen!

Birebâm : O du mei Léwecher,de' ass iwergeschnappt (wöllt bei se goen)

Stoffel : Komm nömme net ze no bei mein Tro'n.

Birebâm : Ma Cousine,ech kommen nach émol we'nt dem Geld.

Stoffel : Ech sin elo kéng Coudine,ech sin t'Prinzessin Edelstén vum Stoffelschlass,verstéss du mech?

Birebâm : Ma de' ass am héchste Grad verréckt.

Stoffel : Dir Damen,firwat hun ech iech,he'ert dir net wan ér Prinzessin belédegt get;huelt mer de' Fra aus den Aen (de' 3 werfen se eraus)

Finny : Prinzessin,zo' Beféł,de' könt net me' eröm.

Jadderl.: eso gét et allen,de' ons le'f Prinzessin belédegen.

Maisy : Elo musse mer de Film awer weider dre'en.

Stoffel : Wat könt dan elo?

Maisy : Schéckt èr Gesellschaftsdamme fort.

Stoffel : O nén,dat gét net,ech muss Leit öm mech hun.

Maisy : De' mussen dach elo eng aner Roll spillen.

Stoffel : Jo richteg,do huet dir recht.

Maisy : Also,opgepasst,elo gét et weider (si drét un der Kaffismillen)

Stoffel : (get den Dammen en Zéchen) au revoir meng le'f Dammen.

Jadderl. Jeanny a Finny mache schén der Rei no eng Verneigong a gi fort.

3. Scén

Stoffel : We' gét et dann elo virun?

Maisy : Eng Zigeinerfra um Tour könt bei t'Prinzessin

Stoffel : (lacht) Ech si virwötzeg wat dat soll sin? Ech könt jo och elo emol eng Schnauf huelen.Mareikätt,breng meng Schnaufdo's.

Maisy : (lacht) Eng Prinzessin darf net schnauwen,dat ass gutt wan dir eleng sit.(kuckt op d'Seit)Achtong,d'Zigeinerfra könt (hat drét un der Millen,Mme Stoffel setztsech a Positur, t'Jadderliss a sénge Kléder vu virdrun,de Kuerf mat den Hause'ersachen am Arm,könt op t'Bühn.)

4. Scén

Jadderl.: (gét virun den Tro'n,wörft sech op de Buedem nidder,mecht éng déf Verneigong) Salem aleikum,Gummi arabicum,o âne butze bärbelchen (stét eröm op)kan ech iech eppes verkâfen,Prinzessin?

Stoffel : (lacht) O né,meng le'f Frächen,ech brauch neischt.

Jadderl.: Vleicht e Stéckelche Séf,dass t'Prinzessin sech och kan hei an do wäschen

Stoffel : Meinetwegen,da göt mer alt e Stéck.

Jadderl.: (hölt 6 Stécker Séf eraus)et si grad 6 Stécker,huelt se alleguer.

Stoffel : A wât soll ech mat 6 Stécker Séf machen?

Jadderl.:Schenkt se ère Gesellschaftsdammen an èrer femme de chambre.

Maisy : Dir musst se huelen,dat mecht sech besser am Film.

Stoffel : Gutt,Madämchen,get t'Séf mengem Kummermédchen (Maisy dre't stämmeg un der Kaffismillen)

Jadderl.: Prinzessin,hei hun ech extra gut Mopöllen,IO fr t'Köscht.

Stoffel : Wat machen ech mat Mopöllen?

Jadderl.: Le'f Prinzessin,de' könt dir ömmer brauchen,huet dir de Bauch we',huet dir de Bandwurm,Colliquen ansovirun et verschwönnt,an huet dir keng,da kritt dir der.

Maisy : Ma secher,dir musst kâfen,denkt un de Film.

Stoffel : Jo - ma gewöss,de Film; Mareikätt,huel de' Mopöllen of.

Jadderl.: (sicht nach weider am Kuerf) an hei,deier Prinzessin Edelstén,hun ech nach...

Stoffel : ...neischt me',ech hu genug,pack dé Krom zesummen.

Jadderl.: Gro'ss,reich Prinzessin,dir wärt mir dach secher all meng Sachen ofkâfen?

Stoffel : All deng Sachen,bass du verréckt,du Virkäfesch do!

Jadderl.: Le'f Prinzessin Edelstén;èrt gutt Herz,èr Le'ft zo' ère Leiden get iwerall genannt,nach weit iwer t'Grenzen vun der Welt ass ère Num bekannt.An dir wöllt mech eso' traureg fortgoe lossen? Né,Prinzessin,dat macht dir net.

Maisy : Dat bescht ass,dir kâft dé ganze Buttek of,do könt dan èren edle Charakter eréscht un dat recht Licht,dat get dé sche'nste Moment am Film. - Kâft dir,ech dre'en dan d'Kaffismillen eröm virun.

Stoffel : (kuckt op) t'Kaffismillen? Wat fir eng Kaffismillen?

Maisy : (hölt sech eröm a lacht) Dat ass nemmen eng Fapp,mir Filmleit nennen de Filmapparat am Géck t'Kaffismillen;also elo kâft dir,ech dre'e weider (dre't)

Stoffel : Wat kascht dan dé ganz Krom?

Jadderl.: Wan ech alles zesummen rechnen,ass et vir....1557 fr an en Halwen,de' 7 fr an en Halwen dongen ech iech alls gutt Geschäftsfra aus.

Stoffel : Gét et da net fir I.500fr?

Jadderl.: Bedenkt dach,eng Prinzessin darf net marten.

Stoffel : Nun dajé alt,a Gottes Namen (stolz) Mareikätt,dro de' Sachen an t'Schlass (Mareikätt drét et fort)

Jadderl.:Gnädeg Prinzessin,darf ech dann och bieden mech ze bezuelen (Mme Stoffel hölt de Portemonni a bezillt) Merci,merci, le'f Prinzessin (werft sech eröm op de Buedem,mecht eng Verneigong) salem aleikum,gummi arabicum,o âne butze bärbelchen (stét eröm op) awur Joffer Prinzessin,bis soss e rénegen Dag.

Stoffel : Äddi
Jadderl.: (iwerm Fortgoen,weist de Portemonni) dat wor e gut Geschäft, eso' eng Konschaft fönt d'Jadderliss net all Dâg (fort)

5. Scén

Maisy : Eso' de' Scén ass fèrdeg.

Stoffel : Dé Schwindel do huet mech awer deier kascht,dat get mir en deiere Spass.

Maisy : Jo,dat muss én emol mat an de Kâf huelen,et mussén och émol e klengt Affer brengen.An dann,dat hat ech schons ganz vergiess,dir kritt vum Film,wan hie gespillt get Io °/o als Prime.

Stoffel : (fro') We' 10% kre'en ech? Da machen ech jo e gut Geschäft?

Maisy : Ma secher dat.

Stoffel : Da kritt dir och derno eng gutt Tâss Kaffi,richtege Bo'nekaffi,Joffer Méschtech vum Cinema.

Mareikätt:(könt eröm) Prinzessin Edelstén,ech hun alles an de Rittersall gedroen.

Stoffel :An de Rittersall?

Mareikätt:Jo,dir wösst jo,op den ieweschte Speicher.

Maisy : (geseit de' aner kommen) Attention,et gét virun (drét un der Millen.)

Stoffel : (setzt sech a Positur) Wie könt dan elo?

Maisy : Zwé arem hongreg Kanner.

6. S c é n

Dé zwé kommen an hire gewe'nleche Kléder eran.

Jeanny a Finny : Vive t'Prinzessin Edelstén! (Mme Stoffel wenkt mam Kapp)

Jeanny : Zwé hongreg Kanner sprieche bei der wonnersche'ner a gudder Prinzessin vum Stoffelschlass vir a bieden fir eng kleng Gôf vun hirer mildtäteger Hand.

Finny : Le'f Prinzessin, göf ons eppes z'iessen, mir sin eso' hongreg.

Jeanny : Mir hu scho vill sche' Stied a Burge gesin, an iwerall. soten se: Gitt bei t'Prinzessin Edelstén op t'Stoffelschlass, de' göt iech alles wat dir braucht.

Stoffel : (zum Mareikätt) Göff déne Leiden z'iessen (lueš) Am Kicheschâf leit nach e Stéck alt Bro't an e Stéck Speck, dat gét duer fir de' zwé.

Mareikätt: (hart) Wât alt Bro't a Speck soll ech dénen hongrege Kanner gin!

Stoffel : Dreibitz, schwätz net eso' hart.

Jeanny : Wât sot dir do, femme de chambre? dréche Bro't?

Finny : A klore Speck?

Jeanny : Domat wölls du ons fidderen? Schum dech!

Finny : Du wölls dach net t'Prinzessin Edelstén blame'eren, ons eso' ze fidderen.

Jeanny : Elo gés de a brengs dat bescht; wat a Kichen a Keller ass, verstânen?

Mareikätt: Ganz gär, dir Kanner (Mme Stoffel mecht en ällent Gesicht)

Stoffel : (fir sech) Dat get mir eng deier Affär.

Jeanny a Finny huelen t'Bänk a setzen sech drop virun den Tro'n

Finny : Joffer femme de chambre, fleisst iech, mir sin eso' hongereg.

Mareikätt: (brengt e gro'sst Bro't, Botter , Zossis asw.)

Finny : Schén, stell dat alles virun den Tro'n, dass alles matgefilmt get.

Mareikätt: Ech brengen nach me', én Ablack (fort)

Jeanny : Eso' ass et recht, nach ömmer me', dat bescht wat dir huet (rifft em no) Joffer Kummermédchen, och eppes fir ze drenken (si fänken un z'iessen)

Stoffel : (kuckt ganz bés dran) wat de' awer friessen, we' wan se de ge'en Honger hätten.

Maisy : Prinzessin, dir musst me' e fröndlecht Gesicht machen, de Film get soss verduerwen.

Stoffel : Iessen de' zwé och net ze se'er? Ech mengen et wier och elo genug,de Film gét soss kapott.

Maisy : (lächelt) Nén,nén,losst se nömmen iessen!

Jeanny : Ma secher,nömmen derbei gemacht (Mareikätt brengt nach eng Hâm,e Bitz Kaffi an Tasen)

Finny : (knât dichteg drop lass) Bravo Kummermédchen,du göss nach Schlasskächen.

Jeanny : Op d'Gesondhét vun der gudder Prinzessin Edelstén.

Finny : Eso',elo gét et emol un t'Hâm (si iessen dichteg) Prinzessin,et schmacht ausgezéchent.

Jeanny : E puer Zosissen huelen ech mir mat fir de' moer Dég,well mir liewen net all Dag eso' gudd ewe' haut.

Finny : Dat ass keng schlecht Iddi,ech machen datselwecht (si stiechen d'Zossissen an hir Réstesch,t'Mme Stoffel mecht e rosent Gesicht)

Maisy : Ömmer fröndlech,ömmer e nobelt Gesicht,Prinzessin,denkt un de Film!

(Elo könt d'Jadderliss eröm als Zigeiherin mat engem Musekinstument)

## 7. S c é n

Jadderl. : (mecht eng Vereigong) Ich sie grisse,Prinzessin,ich sein Sängerin von fahrend Zigeinervolk.Ich,Prinzessin meine Lieder singen tun.

Stoffel : Dat gefällt mir,dat ass dach we'negstens eppes aneschter we' dat Gefre'ss elo (kuckt verächtlech op de' zwé,de' nach ömmer iessen)

Jadderl. : Prinzessin,ech beginnen darf?

Stoffel : Gewöss,ömmerzo' !

( Jadderliss stellt sech dohinner,firt iwert d'Instrument,we' wan et ge'f spillen a mecht de Mond op an zo' we' wan et gef sangen,ganz theatraleech)

Stoffel : Awer ech he'ere jo neischt!

Maisy : Dat ass neischt,an dösem Film kommen d'Wierder net eröm, nömmen den Ausdrock vum Gesicht an t'Bewegongen vum Spill.

Jadderl. : (no enger Zeit) so,das sein das erste Lied.

Jeanny a Finny klatschen an t'Hänn: Bravo,bravissimo,dat war schén, gro'ssarteg.

Jeanny : (récht hir eng Tass Kaffi) Hei drenkt och eng Ke'er,dat ficht d'Zong eröm un.(Jadderliss drenkt)

Finny : An hei,holde Sängerin,huet dir och eng Zosiss fir den Honger herno,et ass de' lescht,de' mer nach hun.

Jadderl.: (stecht se an) Danke schien. - Wohledle Prinzessin,ich tue hoffen mich de Sängerin tun firstlich bezahlen,in schön blankem Geld.

Stoffel : Ech hu jo neischt he'eren.

Maisy : De Fimapparat huet alles opgeholl,natirlech musst dir och bezuelen

Stoffel: Dajé alt - do hues de eppes,Sängerin (dreckt hir eppes an d'Hand)

Jadderl: Das ist e rostige Hosehnopp - Prinzessin darfür ich net tu singen.

Maisy : Nén,dat gét net,get hir e sche'nt Stéck Geld,dat mecht gro'ssarteg am Film. Doru geseit én da gleich de' gudd,gro'sshärzeg Prinzessin.

Finny : Stellt iech dach net de Knechtjang:

Stoffel: (iergerlech) Dajé alt nach eng Ke'er,a Gottes Namen (göt hirt Geld)

Jadderl: Merci,merci,hierzeg Prinzessin,an da losst iech et gutt goen, äddi (fort)

Jeanny : (hiewt sech) et ass och Zeit fir ons,villmols merci,gro'ssdichteg Prinzessin.

Finny : Ech soen iech och villmols merci,we' nömmen hallef erhöngert, de' elo eröm gutt sat sin merci soe können.

Jeanny a Finny : Äddi,Prinzessin Edelstén vum Stoffelschlass (machen eng Verneigong a gin)

## 8. S c é n

Maisy :Gott sei Dank,dass de' Scén eriwer ass,ech hu mein Arem we' vum Dre'nen.

Stoffel: Gott sei Dank och,dé Film mecht mech nach zo' enger armer Fra; an elo ass Schluss et brauch ké me' ze kommen (klömt vum Tro'n erof)

Mareikät:(lacht schelmech) Wat werden èr Noperen t'Aen opreissen,wan de Film eraus könt an am Cinema gewise göt.

Stoffel: Dat ass och mein Tro'scht,gring a giel sollen si sech ierggeren.

Maisy : Den e'schten Dél vum Film ass elo ferdeg,dir huet är Sach wirklech gutt gemacht.

Stoffel: Dat mengen ech och.

Maisy : Elo könt den zwéten Dél.- Dir sitt am gro'ssen,deischtere Bösch eleng,et ass onhémlech,an da falt dir önnert t'Reiber, ansovirun,ech hun iech elo éneschter schons erzielt.

Stoffel: Hâlen ech dös Kléder un?

Maisy : Nén,den Tro'nmantel lét dir of,dongt am beschten och aner Kléder un,eng reich Prinzessin huet jo me' Kléder.

Stoffel: Bong,an e puer Minutten sin ech eröm do (fort)

Mareikätt: (lacht) Prima,wat göt dat Spass,wat mecht t'Prinzessin Edel stén nach gro'ss Aen. E sche'ne Gro'ss un all de' aner(fort

9. S c é n

Maisy,Jeanny,Finny,Jadderliss (de' drei komme fro' op t'Bühn)

Jeanny : Ass t'Prinzessin fort?

Maisy : Si ass sech aneschter undin; den zwéten Dél vum Film ass awer net me' nedeg,mir hun eis Roll gespillt,ech denken, mir hun dem âle Geiersâck de Geier genuch ausgedriwen.

De' drei lachen : o ganz secher a gehe'ereg

Jadderlis: (hölt seng Hause'erköscht vum Dösch,hänkt se öm)Komm Filmapparat,mar de muergen bass du eröm eng Hause'erköscht.

Maisy : Nu fort vun hei,et ass héch Zeit.

Alleguer : (wenke mat den Hänn) Addi,gutt,le'f Prinzessin Edelstén (lachen)

IO. S c é n

Stoffel : (an anere Kléder könt se'er eröm op t'Bühn.Och t'Mareikätt) Do sin ech jo eröm. Elo kan dén zwéten Dél vum Film ugoen (kuckt rondöm) Nun,a wo' sin de' aner?(Mareikätt lacht fir sech) Si werden sech och aneschter undin!

Mareikätt: Ech wéss et net?

Stoffel : Si sichen och vleicht an der Gegend eng passend Platz fir den 2.Dél.Fir Reiber a Raubritter,dat muss am deischtere Bösch sin.

Mareikätt: Ech wéss guer neischt.

Stoffel : (ongedölleg) Du wéss och glad neischt.

Mareikätt: (kuckt op d'Seit) Wie könt dann do eso' se'er?

Stoffel : T'ass meng Cousine,t'Birebâms,dé wärt mech wuel nach émol ploe kommen we'nt dem Geld.Ech mengen,ech hätt hir schon dax genuch gesôt et géf neischt.

Birebâm : (könt se'er eran) do hu mer jo t'Geschicht.

Stoffel : Wât dann?

Birebâm : Ma du hues dech vun déne Fraleit an de'er Hause'eresch gehe'ereg un der Nues erömfe'ere gelôss!

Stoffel : A we' dat?

Birebâm : Si hun elo grad mat mir geschwat.

Stoffel : Weni,wo'?

Birebâm : Ma lo hannen am Bösch. Si soten,si hätten dech gehe'ereg erbeigeholl,an hoffentlech wärs du kure'ert vun dém Efalt fir Filmstar ze gin.Den 2.Dél giffen si dir schenken,am I.Dél hätten si genug de Géck mat dir gemét.

Stoffel : (rosen) Wât ass dat? - de' Band,de' Neischnotzen,de' Kâtzen!

Mareikät: (mecht sech dun Dommen) ah,dat sin déer och,wo' der I3 op eng Dozen gin.

Stoffel : Mareikätt,se'er bei d'Gendarmen.

Birebâm : Bei t'Gendarmen? Och nach dén Efalt,wölls de dech och nach do blame'eren an alles un de' gro'ss Klack hänken?

Stoffel : Jo,du hues recht,we' giffen d'Nopere mech auslachen.

Birebâm : An si hätten Ursach derzo'

Stoffel : Mir wöllen alleguer de Mond hâlen (get Geld) Do Mareikätt, hues de IO Frang,an dass de nie e Wuert dervu verle'ers.

Mareikät: Merci - ké pippches Wuert soll aus mengem Monn kommen. Iwrigens,wan ech meng Ménong ka soen - et wier besser gewiescht, dir hätt de' Médercher net eso' graff behandelt,da wier dat do net geschitt.

Stoffel : Du hues recht,Mareikätt,elo soll et och aneschter gin (zur Mme Birebâm) an du,Cousine,kriss och selbstverständlech t'Geld gele'nt. An ech wöll fir allzeit kure'ert sin.

Zesummen: Nie wölle mir Filmstar gin!

R I D E A U